

Lancement nouvelle campagne MEGA-POWER
Jeudi, 02.12.2010 Petit-déjeuner de presse
Allocution de Mme la Ministre Françoise HETTO-GAASCH
Ministère de l'Égalité des chances

Le discours prononcé fait foi

Dir Dammen, dir Häeren,

Mat grousser Freed dierf ech Iech haut di nei Campagne vum Chancegläichheitsministère viirstellen.

Nodeems mer am Mee eng Campagne mam Titel "Ech si MEGA" lancéiert haten, mat där mer versicht hunn, d'Jugend op d'Thematik vun der Chancegläicheet ze sensibiliséieren, si mer op ganz positiv Resonanzen bei de Schüler a bei de Schoulen gestouss.

Iwwerhaapt hu sech di Jonk dacks viirwëtzig gewisen fir erauszefannen wat hannert deem « frechen » Titel vun dëser Campagne gestach huet a sinn esou op d'Thematik vun der Chancegläicheet tëscht Fraen a Männer opmierksam ginn.

Fir vill vun hinnen war dëst vläit esouguer eng éischte Kéier wou si sech iwwerhaapt emol sérieux Gedanke maache konnten iwwert d'Strukturen vun den Traditionen an di verbleiwend Ongläichheeten an eiser Gesellschaft.

Dën Internet-Site www.echsimega.lu op deem dann all d'Informatiounen zu dëser Campagne drop stinn, huet sech dunn och séier zu engem Succès entwéckelt, well op dësem Site di komplex Thematik op eng Art a Weis, an an enger SPROUCH, bruecht gouf, déi di Jonk och verstinn.

Mat der Präsenz vun eise Stand op der « Foire de l'étudiant » ugangs dëses Mounts, während där mer d'Gelegenheet haten, eng weider Kéier eenzel Schüler souwéi och ganz Klassen a Begleitung vun hiren Enseignanten kennzeléieren a mat hinnen iwwert Themen wéi « Gewalt an der Schoul » an « atypesch Berufschoixen fir Jongen a Meedercher » (ënnert anerem) ze diskutéieren, koum dës Campagne dann och offiziell op en Enn.

Mee souguer wann s'elo ofgeschloss ass, sou lafen dach verschidden Elementer dovunner, wéinst dem groussen Succès, deen se dobaussé fonnt hunn, weider.

Den Internet-site zum Beispill ass ëmmer nach dacks besicht an ech werd och dat nächste Joer regelmäseg a Schoulen goen fir d'Schüler ze begéinen, eng

Saach déi mer ganz besonnësch Freed mecht, well een dobäi d'Gelegenheet huet, di Jonk direkt kennezeléieren an mat hinnen den Dialog ze sichen.

Et kann ee kaum fréih genuch ufänken, d'Jugend op dëss Thematik ze sensibiliséieren, wann een ën Emdenken an der zoukënfteger Gesellschaft erbäiféiere wëll; eng Aufgab déi sëcherlech als prioritär fir mäi Ministère gëlt.

An dësem Sënn geht eis Opläerungsarbeit mat der neier Campagne dann och konsequent an hier zweet Ronn.

No dë Jugendlechen cibléiere mer elo virun allem di aktiv erwuesse Bevölkerung vum Land. Dëss Campagne, déi haut uleeft, wäert den Titel « MEGA-POWER » droen an dréiht sech, wéi den Numm et schonn undeit, virun allem ëm den « Empowerment », also « d'Prise de décision », an dëst souwuel an der Gesellschaft, den Associatiounen, dem Berufsliewen wéi och an der Politik, an nët zulescht am Privatliewen.

Effektiv ass et esou, dass a ville Beräicher d'Chancegläichheet nach wäit eweg schéngt.

Fraen hunn, par rapport zu hire männleche Kolleegen, am Beruff statistesch gesinn vill manner Chance, an der Carrière virunzecommen a bis ganz uewenhin duerchzedréngen andeems së zum Beispill Member vum Verwaltungsrat vun hirer Firma géifen ginn.

Leschten Zuelen no sinn ëmmer nach just 16% Fraen an den iewechte Verwaltungsrät unzetreffen.

Dat läit dorunner, dass Fraen dacks hier Carrière ënnerbriechen fir Kanner op d'Welt ze setzen an doduercher ë Lach an hier berufflech Carrière kréien, wat se sou liicht net méi zoukréien a wat hir männlech Kolleegen da sëcherlech nët opweises hunn.

Och gët hinnen nët genug zougetraut a si gin da vläit net fir fähig befonnt, well se éventuell eben hier Carrière net duerchgehend besat hunn, net vollzäit geschafft hunn während enger Zäit oder sech ganz einfach manner aggressiv verhalten hunn wéi hier männlech Kolleegen wa Poste fräi gi sinn an dë Verwaltungsrät a se doduercher vläit vun deem Gremium ganz einfach iwwersinn goufen, ouni datt déi et vläit direkt schlecht gemengt hätten.

Et gët an deem Zësummenhang dacks vun engem “gliesenë Plafond” geschwat, eng onsichtbar Barrière op dem Wee no uewen, déi et elo ze duerchbriechen gëlt. Dat ass eent vun den Zieler vun dëser Campagne.

An den Associatiounen a Veräiner dobaussen ass d'Situatioun leider och nët besser: hei muss ee feststellen, dass vun all dë Leit, déi Veräiner an Associatioune grënnen, 72% Männer sinn. Wa mer eis dat méi am Détail ukucken stelle mer fest, dass WANN Fraen Associatioune grënnen sinn dëss zum groussen Deel aktiv am Beräich vun der Gesondheet an dem Sozialwiesen. An deene Secteuren stellen d'Fraen 40% vun den Associatiounsgrënner duer. Anerersäits si se, wann et ëm Sport- oder Gewerkschaftsassociatioune geht, nach manner vertraueden. An dëse Beräicher gi just 16 – 18% vun de Veräiner vu Fraë gegrënnt.

Di selwecht Iwwerleeungen fënnt een erem wann et ëm d'Participatioun un der Prise de décision an der Politik geht. Och do stellt ee fest, dass Fraen drastësch ënnerrepräsentéiert sinn. An eiser momentaner Regirung sinn d'Fraen mat 26,7% dobäi, an der Chamber si just 20% Fraen, an an dë Gemengeréit uechter d'Land ginn et 23,6% Fraen.

Mee richteg moer gët et dann awer bei de Buergermeeschteren: do si just nach 11,2% Fraen drënner. An dat obwuel Lëtzebuerg eent vun den éischten europäesche Länner war, an deenen d'Wahlrechter fir Fraen opgaange sinn, zum Deel laang virun eisen Nopëschlänner.

Dësen Zoustand mëcht een nodenklech, wann ee considéiert, dass et haut schonns op der Welt, a Lëtzebuerg ass do keng Ausnahm, méi Frae wéi Männer ginn.

Do ass een also an enger Situatioun an där et eben nach emmer um néidegen Equiliber fehlt. Dat ass eng ongesond Situatioun an dacks héiert een dann den Ruff no gesetzlech festgehalener Quoteregelung.

Ier esou drastësch Mesuren mussen politësch duerchgesat ginn, wëlle mer mat dëser Campagne mol als éischt ën Emdenken am Kapp vun all dë Leit erbäiféieren a virun allem och Fraen dozou motivéieren sech ze traue, d'Wuert an d'Verantwortung z'ergräifen. Hieren Input gët stark gebraucht, wann een dëser Ongläichheet entgéintwierke well.

Natierlech riicht sech eis Campagne awer nët eenzeg an eleng un d'Dammen. Ouni di aktiv Participatioun vun den Häeren an dëser Saach kritt een och näischt duerchgesat. Et ass also erëm eng kéier vu crucialer Bedeutung, dass mer all um selwechte Strang zéihen fir dass mer eise Schwong och optimal ausnotze kënnen a wierklech Saache sech beweege loossen.

Wann een nämlech op där enger Säit eppes eweghëllt, muss een et op där anerer Säit bäiflécken, soss fehlt et insgesamt an der Equatioun.

Dësst gëlt insbesonnësch fir d'Familljeliewen. Wann een et dë Fraen also erméigleche wëll, hier Carrière a gläichem Mooss ze verfollegen wéi hier Männer, da geht dësst nëmme dann, waan een och am Privatliewen respektvoll an égalitär mateneen ëmgeht.

Kanner a Famill dierfen op kee Fall ënnert dësen "Empowerment"-Moossnahmë leiden, a fir dat ze verhënneren wier et ganz hëllefräich wann dë Pappé-congé zum Beispill nach weider méi an Usproch geholl géif gin, fir d'Fraen engersäits z'entlaaschten an hinnen esou z'erméiglechen, hirer Carrière nees gereegelt nozegoen, an anerersäits awer dann och dën Ausfall an der Famill opzefänken duerch eegenen Engagement. Mee mer sinn do awer mol nët sou pessimistësch, dass sech do eppes deet wann ee kuckt, dass bannent 10 Joer, vun 1999 bis 2009, de Pourcentage vun dë Männer, déi dë Pappé-Congé notzen vun 6,28% op 23,43% geklommen ass. Ech begréissen dëss Evolutioun a wënsche mer, dass dat esou weider klamme wäert Nëmme duerch d'Koordinatioun vum gemeinsamë Privatliewen gët dëm Eenzelenen säin Asatz am Beruffsliewen eréicht erméiglecht!

An dësem Sënn steet och di Barre de céréales, déi der all virun Iech font hutt virdrunn, als ë Symbol fir dëss Campagne.

Duerch dëse Riegel solle mer nët nëmme eisem Kierper en Energieschub ginn fir nei an den Dag ze starten, mee och mental, a vun der Astellung hier ë frësche Départ huelen an ons befligelen loossen vum Schwong, deen ën Oproch an eng nei, eng méi gerecht, eng méi égalitär Zoukonft erméiglecht.

Dir Dammen, Dir Häeren, ech soen Iech merci fir Äer Opmierksamkeet!